# "Getrennt amplaz Unisex :

# Fir de Schutz vun der Jugend"

*Pressematdeelung vum 30. Januar 2026*

D'lescht Joer goufen an der Chamber zwou Petitiounen debattéiert, déi alle béid ronn 10.000 Ënnerschrëfte gesammelt haten. Eng Petitioun huet sech fir eng Aschränkung vun der Thematiséierung vun LGBTQ-Themen an de Schoulen agesat, déi aner fir eng nach méi staark Verbreedung.

An deem Kader gouf awer de 27. Januar 2026 an der Commissioun jointe (Famill, Egalitéit a Schoul) vun der Chamber just dee Sujet debattéiert, deen eng weider Verbreedung virgesäit. Ënnert anerem gouf do ugekënnegt, datt getrennten Toilettë fir Jongen a Meedercher duerch Unisex-Toiletten ersat solle ginn (méiglecherweis spéider och Vestiairen an Duschen). Woumat sech net nëmme ganz vill Meedercher a Jongen onwuel fillen, mee natierlech och hir Elteren. Firwat, weess warscheinlech jiddwereen. Dës Iddie goufen och vun der Madamm Minister Yuriko Backes (DP) an dem Här Minister Claude Meisch (DP) ënnerstëtzt. Den Dag selwer huet d'CSV – wéi sou dacks – näischt dozou gesot. Eréischt gëschter huet d'CSV zu deem Thema Stellung bezunn a sech dogéint ausgeschwat.

Wann den honorabelen Deputéierte Fred Keup (ADR) an der zoustänneger Kommissioun net genee nogefrot hätt, wat konkret geplangt wier, wier dat warscheinlech – wéi sou oft – einfach vun der Regierung duerchgewonk ginn.

An deem Zesummenhang fuerdere mir als ADRenalin:

Fir de Schutz vun der Privatsphär: datt Unisex-Toiletten, -Duschen an -Vestiairen net an ëffentlech zougängleche Gebaier installéiert solle ginn;

datt transparent nogewise gëtt, wéi vill Afloss LGBTQ-Lobbyen op eis Regierung hunn;

datt zukünfteg, bei Ännerungen, déi d'Privatsphär vu Jugendleche betreffen, fir d'éischt déi Betraffe gefrot ginn, éier iwwerhaapt eppes geplangt oder ëmgesat gëtt.